



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse



## **Pressedossier**

**Lëtzebuergesch léieren. Heiheim. An der  
Groussregioun. Weltwäit.**

**14. Abrëll 2022**



# Lëtzebuergesch léieren. Heiheim. An der Groussregioun. Weltwäit.

## D'Plaz vum Lëtzebuergesch an der Gesellschaft

Eist Land zeechent sech duerch seng multilingual Situatioun aus, an där d' Lëtzebuergesch eng ëmmer méi grouss Roll spillt. An de leschte 5 Joer goufen et iwwer 68 000 Aschreiwungen a Lëtzebuergeschcoursen, esou vill wéi nach ni virdrun. Dëst Joer si bis ewell iwwer déi 2 Semester ronn 11 545 Apprenanten an de Lëtzebuergeschcoursen vum INL respektiv der Erwuessenebildung ageschriwwen. D'Aschreiwunge fir d'Lëtzebuergeschcoursen am INL hunn déi vun de Franséischcoursen zanter 2019-2020 iwwerholl.


Dat stellt och d'Institutiounen, déi d' Lëtzebuergesch enseignéieren, virun nei Erausforderungen. Fir der grousser Nofro u Lëtzebuergeschcoursen nozekommen, huet den Institut national des langues (INL) sech an de leschte Jore méi breet opgestallt an Antennen am Süden zu Esch-Belval an nördlech vun der Stad zu Miersch opgemaach. Eng weider Antenn ass an der Nordstad geplangt. Donieft gëtt d'Offer vun de Coursen am INL an an der Erwuessenebildung (SFA) weider ausgebaut an innovéiert an och en neit Gesetz gëtt fir den INL deposéiert, fir den zousätzlechen Erausforderungen, deenen den INL an deem Kontext muss nokommen, eng legal Basis an déi néideg Strukturen ze ginn.

## 1. Lëtzebuergesch léieren heiheim


### 1.1 Coursen am INL an an der Erwuessenebildung

Trotz der aktueller schwiereger Situatioun leien d'Aschreiwunge fir d'Lëtzebuergeschcoursen am INL bei iwwer 2 700 Apprenantë fir dëst Semester a bei 5 681 op d'ganz Joer gekuckt, an zwar am Hauptgebai um Glacis, um Belval an zu Miersch.


Dës Baisse spigelt sech awer och an der Zuel vun de Gesamtinscriptiounen am INL zeréck, déi am Laf vun de leschten 2 Joer duerch d'Pandemie och liicht no ënnen weisen.



De groussen Interessi un der Lëtzebuenger Sprooch huet natierlech och nei Besoine mat sech bruecht, wat d'Enseignanten ugeet. 2015 hunn 33 Enseignanten am INL Lëtzebuergeschcoursë ginn, zanter 2022 sinn et hiner 60. Dat ass bal eng Verduebelung.



Niewent dem INL bitt de Service vun der Erwuessenebildung (SFA) och nach e sëllege Coursen am Lëtzebuergesch un, an zwar an Eegeregie a via Träger, mat deenen den SFA Konventiounen huet.



### 1.2 Orthografiecoursen am Lëtzebuergesch

Zanter Februar 2022 gi vum SFA Coursen ugebuede fir d'Léiere vun der Lëtzebuenger Orthografie. D'Gemenge kënnen déi Coursen och buche fir hir Bierger. Et wäert zwee Formater vu Coursë ginn, eng Aféierung an eng Verdéiwung. Tëscht Februar a September sinn 9 Coursen organiséiert ginn,

wouvun der schonn 3 ofgehalé goufe mat bis elo 20 Participanten. Et ass eng Nofro do, fir iwwert en éischten Aféierungscours erauszegoen.

D'Reegele kann ee sech och selwer bäibrénge mat de flotten neien Tutorials, déi den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch zesumme mam Script ausgeschafft huet. Déi kuerz Videoen zu den eenzelne Reegele sinn op <http://edulink.lu/bdcy> ze fannen.

Et gëtt och den Ament een elektroneschen Tool ausgeschafft, mat deem ee seng Othografiekenntnisser kann testen an deen dann och eng Zertifikatioun erméiglecht.

## 2. Lëtzebuergesch léieren an der Groussregioun

### 2.1 Accorde mat Partner a Frankräich an an Däitschland

An enger Konventioun mat der Académie Nancy-Metz gëtt festgeluecht, datt, am Kader vu *Blended-Learning*-Coursen, d'Léiermeedecher a -jongen an d'Studente vu Beruffsschoulen am noe franséische Grenzgebitt optional un enger Aféierung an d'Lëtzebuenger Sprooch kënnen deelhuefen. Hei ginn am Ament virun allem d'Beräicher Soin, Sécherheet, Gastronomie an Educatioun viséiert. Déi Coursen ëmfaassen 8 Stonnen an d'Zil ass et, den Apprenanten eng Basis ze ginn, fir mat de Mataarbechter vu Lëtzebuenger Verwaltungen a Betriber ze kommunizéieren, esou wéi e klengen Abléck a praktesch kulturell Gewunnechten. Dës Aféierungscoursë kaschten d'Schüler näischt a gi vum INL ugebueden. D'Schüler, déi un deem Cours deelhuefen, kréie vum INL e Certificat de participation ausgestallt.

Den SFA fir säin Deel huet Accorde mam Saarland a mat Rheinland-Pfalz, fir datt op hire Volkshochschule Lëtzebuergesch ugebuede gëtt. Den SFA dréit d'Käschte vun dëser Offer. Eng änlech Initiativ leeft am Ament schonns iwwert de Syvicol mat Gemengen aus dem franséische Grenzgebitt. Dëst gëtt ausgeweit via eng Konventioun mat der Académie Nancy-Metz : An de "GRETA"<sup>1</sup> vun Diddenewen (Thionville), Lonkech (Longwy), Talange a Metz wäerten d'Demandeurs d'emploi och duerch den SFA Lëtzebuergeschcoursen ugebuede kréien.

## 3. Lëtzebuergesch léiere weltwäit

### 3.1 Gratis online Léierplattform fir Lëtzebuergesch ze léieren

Eng gratis Offer fir Lëtzebuergesch ze léieren ass amgaang ausgeschafft ze ginn a gëtt weltwäit gratis zur Verfügung gestallt. An enger éischter Phas si Modullen am Niveau A1 an A2 (cf. *Cadre européen commun de référence pour les langues*) disponibel. Den Niveau B1 an déi aner Niveaue bis zum C1 komme progressiv dobäi. Fir d'Rentrée am September 2022 gëtt dës nei online Léierplattform lancéiert, déi follgend Funktionalitéiten huet:

- Interface op Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch a Lëtzebuergesch;
- Modulle fir e formaalt Léiere vun der Sprooch (Vocabulaire, Syntax, Aussprooch, asw.), agebaut a kommunikative Kontexter, awer och informelt Léieren (Noriichten, Kulturelles, asw.);
- Fachmodullen zu Dosenden akademeschen a beruffleche Sujeten mat Sproochakte fir spezifesch berufflech a sozial Situatiounen.

---

<sup>1</sup> Groupement d'établissements qui organise des formations pour adultes dans pratiquement tous les domaines professionnels

Donieft gëtt och e soziale Reseau an den Dispositiv integréiert. Dëst Netzwierk, accessibel fir all Apprenant, schaaft eng weltwäit Peer-to-Peer-Communautéit fir d'Léiere vum Lëtzebuergesch.

D'Zil vum dësem Netzwierk ass et, de Kontakt a Sproochenaustausch tëscht Apprenanten aus allen Ecker vun der Welt ze erliichten.

### 3.2 Lëtzebuergeschcoursen am Ausland

No engem éischten Intensivkurs vun enger ganzer Woch beieneen am Februar 2020 zu Paräis, organiséiert zesumme mat der Ambassade, dee groussen Uklang fonnt huet, gëtt d'Zesummenaarbecht mat eisen Ambassaden uechtert d'Welt verstärkt, fir esou dem Interessi vu Lëtzebuergeschcoursen am Ausland gerecht ze ginn. Dëst Joer war schonns déi zweeten Oplag zu Paräis zousätzlech mat engem Cours fir Fortgeschrittener.

## **4. Weider Neierungen**

### 4.1 Nei online Offere vum INL

Den INL huet während der sanitärer Kris ganz vill Efforten am digitale Beräich gemaach an ass amgang, d'Offer an deem Beräich weider zolidd auszubauen. D'*Blended-Learning*-Coursen am Lëtzebuergesch, also eng Kombinatioun vun Online- a Presenzunterrecht, sinn no enger erfollegräicher Pilotphas erweidert ginn. Dës Zort Coursë sinn elo integrale Bestanddeel vun der Gesamtoffer a kommen och ganz gutt bei den Apprenanten un.

D'Digitalisatioun vum Sproochentest ass ofgeschloss an déi nei Versioun fir den Tablet gëtt implementéiert. De grouse Virdeel fir d'Kandidaten ass, dass se sech net méi zweemool mussen an den INL deplacéieren, mee datt souwuel den Deel Héierverstoën, wéi och den Deel vum mëndlechen Ausdrock kann an engem hallwen Dag ofgeluecht ginn.

En neien Astufungstest am Lëtzebuergesch, fir d'Apprenanten an de richtigen Niveau ze orientéieren, respektiv jidderengem eng gratis Autoevaluatioun ze erméiglechen, wäert fir d'Rentrée prett a weltwäit accessibel sinn.

D'Tester an d'Diplomer am Kader vum LaF („Lëtzebuergesch als Friemsprooch“) ginn erweidert an eng online Versioun, déi een am INL maache kann, gëtt nei entwéckelt.

### 4.2 Online Offer am Kader vun der Plattform ecampus vum SFA

Den SFA bitt via seng Online-Plattform ecampus en 100%-Online-Cours, deen e groussen Accent op d'Kommunikatioun an d'Aussprooch setzt. D'Coursë baséieren op de Bicher „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“ vum INL. Mat Hëllef vun Ecoutten an Opnamen, déi verbessert sinn, gëtt intensiv um Héierverstoën an um mëndlechen Ausdrock geschafft.

Den Ament ginn d'Niveauen A1 bis B1 ugebueden. Dëst Joer sinn 82 Leit ageschriwwen, verdeelt op 6 Coursen iwwert d'Joer.

### 4.3 Nei Léiermaterialien

D'Buch „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B1“ ass am September 2020 vum INL publizéiert ginn, an et si scho méi ewéi 3.000 Exemplaire verkaaft ginn. D'Buch A1, aus där selwechter Serie, ass zënter 2015 scho véier Mol nei opgeluecht ginn, an ongeféier 8.500 Mol verkaf ginn, de Verkaf vum A2 läit bei ëm déi 4.800 Exemplairen.

D'Aarbechte fir neit didaktescht Material fir den Niveau B2 (cf. Cadre européen commun de référence pour les langues) auszeschaffen, sinn amgaangen. Well den héijen Niveau B2 vill op authentischem Material soll baséieren, huet den INL decidéiert, hei kee „klassescht“ Buch erauszébréngen, mee iwwert de Wee vun Online-Material ze garantéieren, dass d'Aktivitéite kënnen un d'Aktualitéit ugepasst a regelméisseg erweidert ginn.

#### 4.4 Formatioun vu Formateuren

Den Interêt un der Formatioun “Zertifikat Lëtzebuenger Sprooch a Kultur”, mat deem ee Coursen am konventionéierte Secteur kann halen, gëtt ëmmer méi grouss. Eng 30 Leit sinn am Moment beim INL an deem Cours ageschriwwen, an och hei gëtt un enger méi flexibeler Blended-Learning-Variant geschafft, déi dann och e puer mol am Joer ka starten an net, wéi bis elo, just am September. Tëscht 2009 an 2021 hunn 180 Leit deen Zertifikat kritt.

#### 4.5 Eng iwwerschaafte Base légale fir den Institut national des langues (INL)

Den INL huet am Laf vun der Zäit nei Missiounen am Lëtzebuergesche kritt an ass déi national Autoritéit fir den Enseignement vum Lëtzebuergeschen a fir d'Zertifikatioun vun de Kompetenzen am Lëtzebuergesche fir Erwuessener, sief et an der Formatioun vun de Formateuren oder den Erwuessenen, déi d'Sprooch léieren. Mat der neier legaler Basis ginn dem INL seng Aufgaben a follgende Beräicher verankert:

- Kloer Missiounen an der Zertifikatioun am Lëtzebuergeschen, mat der Opzielung vun deenen eenzelen Zertifikaten an den entspreche Sproochkompetenzen,
- Ausschaffen a Weiderentwécklung vum didaktesche Léiermaterial am Lëtzebuergeschen, online oder an der Printversioun,
- Aktualiséiere vun den aktuellen Tester an Zertifikatiounen am Lëtzebuergeschen (Diplom “LaF”, Sproochentest, Zertifikat Lëtzebuenger Orthografie),
- Ausschaffen an aktualiséiere vun neien nationalen Tester am online Format, dem “Test LaF” (Lëtzebuergesch als Friemsprooch’,
- Reform vum Zertifikat Lëtzebuenger Sprooch a Kultur (ZLSK), deen an Zukunft “Zertifikat Lëtzebuergesch léiere léieren“ heescht,
- Formatioun vun de Formateuren am Lëtzebuergeschen,
- Schafe vum neien Zertifikat ‘CEVP’ – ‘Certificat pour l’Enseignement à visée professionnelle’, fir’ Formateure vu Lëtzebuergeschcoursë fir definéiert professionnell Secteuren ze ginn. Iwwer dee Wee soll d’Employabilitéit an d’Integratioun vun den Apprenanten an déi aktiv Gesellschaft zousätzlech gefërdert ginn. Hei schaffen INL, SFA an ADEM zesummen.

Den INL muss also fir d’Lëtzebuenger Sprooch an méi klengem Mooss Missiounen erfëllen, déi zum Beispill d’Goetheinstitut fir déi däitsch Sprooch iwwerhëlt. Do dernierft kënn den INL selbstverständlech och weiderhi senger Verpflichtungen am Vermëttelen a Zertifizéiere vun de Kompetenze vun Erwuessenen an anere Sproochen (langues vivantes) no.

Den entspreche Gesetzprojet wäert am Laf vun den nächste Wochen um Ordre du Jour vum Regierungsrot stoen.

Retrouvez l'actualité du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
sur [www.men.lu](http://www.men.lu) et sur Facebook